Hubert Hausemer

# Eng Visioun fir déi ganz Welt

**D'Fro ass déi, wellechen Amerikaner soll een dankbar sinn: den Amerikaner schlechthin, also och deen heitegen, oder net villméi den Amerikaner vun deemols.**

Bal zäitgläich mat de Feiere fir d'sechzeg Joer Befreiung vun der Nazidiktatur hei zu Lëtzebuerg duerch d'Alliéiert, an un hirer Spëtzt d'Amerikaner, ass an den USA de republikanesche Konvent ofgelaf, bei dem ouni Iwwerraschung den George W. Bush zum Presidentschaftskandidat gewielt gouf. Dësen Zusammenhank gëtt ze denken.

De Problem bei däer Saach ass fir mech net deen, ob een den Amerikaner haut ëmmer nach dankbar soll si fir hire militäreschen Asaz deemols. D'Fro ass villméi déi, wellechen Amerikaner soll een dankbar sinn: den Amerikaner schlechthin, also och deen heitegen, oder net villméi den Amerikaner vun deemols. Well sou wéi déi Däitsch vun haut net kënne verantwortlech, geschweig da schëlleg erkläert kënne gi fir dat, wat hir Virgänger alles verbrach hunn, sou verdéngen och déi héiteg Amerikaner kee Merci fir d'Heldendote vun hire Pappen oder Grousspappen.

Eppes awer läit an der Verantwortung vun den heitegen Däitschen an Amerikaner: wéi gi se ëm mat deem, wat hir Virfahre gemaach resp. verbrach hunn, wat fir Léieren a Konsequenzen zéien se aus däer Vergaangenheet? An do hunn ech meng Schwieregkeeten mat deenen enge wéi mat deenen aneren. Et soll haut awer, bei Geleeënheet vun dëse Festivitéiten nëmmen ëm d'Amerikaner goen.

*Befreiung 1944*



Dat Amerika vun haut ass net méi dat vun deemols. Gutt, dat ass eng Banalitéit; mä déi huet et a sech. Well entgéint deem wat e Leitartikler an enger grousser Dageszeitung geschriwwen huet, ass et duerchaus net ondankbar an onverantwortlech, den Amerikaner vun haut d'Verbonnenheet ze kënnegen: am Géigesaz zu deem wat hie schreiwt, ass et nämlech net esou, datt nëmmen dësen oder deen vun den amerikanesche Verantwortleche punktuell eng zweifelhaft Politik gemaach hätt; neen, ech behaapten, datt vun de 50er Joren un, d'USA systematesch eng méi wéi zweifelhaft, nämlech eng katastrophal Weltpolitik bedriwwen hunn. Si hu sech als de Weltgendarm opgeféiert, nom Motto: wat gutt ass fir d'USA, ass och gutt fir d'Welt…

Et ass onméiglech all déi Länner ze zitéieren wou d'Amerikaner sech agemëscht, Regierunge gestierzt, Guerillaen an Terroriste finanzéiert an ausgebild hunn. Ech mengen et gëtt kee Kontinent, wou se zënter dem 2. Weltkrich net hir Fanger mat am Spill haten, an dat op eng Aart a Weis, déi nuren hinne selwer ze gutt koum. (T'ass onnéideg hei ze preziséieren, datt d'USA an däer Zäit natierlech net déi eenzeg Waffenhändler a Krichsstëppler waren. Déi vergaangen UDSSR, an derbäi och nach eng Rei aner europäesch Länner, hunn äifreg matgemaach.)

Vergaange Verdéngschter sinn deemno keng Verflichtung, och haut nach Dankbarkeet z'erweisen. An dat esou manner, wou déi allerleschten Aktualitéit awer och guer keen Ulass dozou bidd. Déi stümperhaft Aart a Weis wéi d'Amerikaner géint de weltweiten Terrorismus wëlle virgoen, deen tatsächlech eng schlëmm Gefor ass, léisst näischt Guddes erwaarden. An déi béis Ahnung gëtt jo voll bestätegt vun deem, wat zënter engem Joer ënnert anerem am Irak virsechgeet, a wéi zugläich an den USA selwer déi demokratesch Fräiheeten beschnidde ginn.

Mir ass et kal de Réck erof gelaf, wéi an engem Reportage iwwer de republikanesche Konvent eng Fra gefrot gouf, woufir si sou vum Bush begeeschtert wier, a si huet geäntwert: hien huet eng Visioun fir Amerika a fir déi ganz Welt. Do kann ech nëmmen drop äntwerten: Nee Merci!

Et ass net wéi wa Visiounen, vrun allem politescher Natur, vu vir era schlecht wieren. Am Géigendeel, ee vun de grousse Problemer an eiser Welt besteet grad doran, datt et un esou Visioune feelt. Ech hu selwer virun zwee Méint, bei Geleeënheet vun eisem Nationalfeierdag op d'Wichtegkeet an d'Noutwennegkeet dervun, fir eist Land, higewisen. Mä eng Saach ass et, sech Gedanke machen iwwer d'Zukunftsprojete fir e Land, an eng aner, der ganzer Welt eng Visioun opz'erleeën, a grad och nach vun engem Land an engem Politiker, déi méi wéi am Verdacht stinn, domat d'Welt an den Déngscht vun hiren eegenen Interessen ze stellen. An dëse Verdacht verhäert sech zur Gewëssheet, wann een drun denkt, datt et grad d'USA sinn, déi sech géint Visiounen a Projete stäipen resp. sech dervun zréckhalen an de Portmonni zouhalen, wann se net vun hinne kommen oder hinnen net zegutt kommen. Ech denken hei z.B. un d'UNO, d'UNESCO, de Kyoto-Programm a.s.w.



"...hien huet eng Visioun fir Amerika a fir déi ganz Welt..."

Weltwäit Visioune si souwéisou eng geféierlech Saach. Dat 20. Joerhonnert kann dovunner méi wéi ee Liddche päifen. Ech erënneren u Kommunismus, Faschismus, Nationalsozialismus. An déi allerlescht vun hinnen, deen zënter 1989 ëm sech gräifenden Neoliberalismus, weist elo schonn, nach verstäerkt duerch d'Globaliséierung, wat eng Ideologie oder Utopie alles vu Misär brénge kann.

Gewëss, et muss ee sech iwwert d'Welt als ganzt Gedanke maachen. Awer nure legitiméiert Instanzen hunn d'Recht a si kompetent fir weltwäit Projeten op d'Been ze setzen an ze realiséieren; an dat, well hei, zumindest am Prinzip, all déi betraffe Vëlker an Natiounen e Wuert matschwätze konnten. Mä wéi gesot, d'UNO an hir Ënnerorganisatiounen, déi heifir wuel eleng zoustänneg sinn, gi jo grad vun den USA regelrecht boykottéiert.

Mä souguer wann dës ëffentlech unerkannten Instanzen d'Welt als Ganzt an de Bléck huelen, ass dat net ouni Schwieregkeeten (ëm sou méi natierlech, wann en Eenzelnen, a sief en och President vun den USA, dat wëllt machen): well d'Welt an d'ganz Mënschheet sinn ëmmer méi stark zesummegewuess, et gëtt ëmmer méi Interaktiounen a schnell Verännerungen, sou datt et bal onméiglech ass, seriös a veräntwerbar Viraussoen an Ausbléck er ze maachen. De Risiko ass grouss, datt duerch dës Komplexitéit Projete scho méi oder manner iwwerholl sinn, ier se iwwerhaapt ufänke, realiséiert ze ginn.

Trotzdeem: d'Zukunft vun der Welt an der Mënschheet däerf net aus den Ae gelooss ginn, et brauch Projeten a Programmer, si sinn noutwenneg wéi z.B. um Plang vun der Ëmwelt, der Energieversuergung, dem Wasserproblem, der Gesondheetspolitik a.s.w.. Mä dat alles muss esou wäit wéi méiglech aus de politesche, militäreschen a witschaftlechen Interessekalküle vun de Groussmuechten eraus gehale ginn, virop deene vun den USA.

Mir sollen also duerchaus un eis Befreiung vu viru 60 Joer denken an eisen deemolege Frënn dankbar sinn. Dat soll eis awer net hënneren, ganz am Géigendeel, fir de Nokomme vun dëse Frënn genee op d'Fangeren ze kucken. Datt hir Virfahren eppes Wesentleches fir eis geleescht hunn, heescht net, datt si selwer dofir automatesch iwwer all Verdacht erhuewe sinn.

Ass dat Antiamerikanismus? Ech gesinn dës Astellung éischter als eng, déi op gesond Aart a Weis kritesch ass. Et ka kee Vollek et sech haut leeschten, wéineger wéi je, naïv a blann duerch d'Weltgeschicht ze lafen.

*15.9.2004*

*Fräie Mikro um radio 100,7 all mëttwochs um 07.50*

**Weltwäit Visioune si eng geféierlech Saach. Ech erënneren u Kommunismus, Faschismus, Nationalsozialismus. An déi allerlescht vun hinnen, deen Neoliberalismus, weist elo schonn, nach verstäerkt duerch d'Globaliséierung, wat eng Ideologie oder Utopie alles vu Misär brénge kann.**